

# Les Amis de Pirajá

**Numéro 43 – Juillet 2023**



Chers amis,
C'est avec une grande satisfaction que nous nous adressons à nos amis du Luxembourg pour leur exprimer notre profonde gratitude pour l'aide reçue pendant toutes ces années. J'ai la pleine conviction que toutes nos relations durant cette période ont été couronnées de succès parce que les personnes impliquées dans les actions dirigées vers les plus démunis ont cru et continuent de croire au projet et surtout à la cohérence et aux actions développées.
Je vous remercie tous infiniment d'avoir partagé avec nous l'accomplissement de nos rêves, qui a garanti l'assistance à plusieurs familles simõesfilhenses qui vivent en situation de risque et traversent de grandes difficultés, qu'elles soient matérielles, émotionnelles, spirituelles ou autres nécessités de l'être humain.
Connaissant le grand engagement et l'effort des personnes qui font partie de l'ONG Les Amis de Pirajá, nous espérons, avec beaucoup de foi en Dieu, avancer dans les conquêtes pour de meilleures conditions et dignité de vie pour nos enfants, adolescents, jeunes, personnes âgées, c'est-à-dire, la famille. Seul Dieu peut vous récompenser pour cet effort précieux, ce dévouement et cet engagement continu à nous aider dans cette mission d'aide à nos frères et sœurs défavorisés. Un geste aussi sublime nous encourage à continuer davantage encore à servir cette noble mission.



Nous espérons avoir l'honneur de continuer à compter sur votre participation et votre soutien pour donner une continuité à nos projets qui ont une valeur incalculable dans la vie de chaque bénéficiaire. Votre aide n'est pas seulement financière, mais représente aussi la valeur humanitaire de ceux qui font du bien à ceux qui en ont le plus besoin.
Les membres de l'Association des Œuvres Sociales de la Paroisse St Michel remercient tous nos amis luxembourgeois pour tout ce qu'ils ont fait dans la vie de nos frères et sœurs et demandent à Dieu de toujours éclairer le chemin de chacun.

Merci beaucoup !
Cordialement,
Simões Filho, le 15 mai 2023
*Edésio de Souza Conceição,*
*Président de l'Association des Œuvres Sociales de la Paroisse St Michel*

## Scheck-Iwwerreechung vun der Hesper Kaffisstuff



Donneschdes, de 25. Mee 2023 kruten d'Amis de Pirajá zesumme mat 3 aneren Organisatiounen, e Scheck vu jeeweils **4.800 EUR** iwwerreecht.
Der Madamm Marielou Patra-Spautz, Presidentin vun der Hesper Kaffisstuff 2023 an hire fläissege Mataarbechterinnen en opriichtege MERCI souwéi eis déifsten Unerkennung fir hiren noble Geste zu Gonschte vun eise sozio-edukative Projeten.

**<u>Op der Sich no neie Weeër</u>**

Zënter 2000 waren all eis Projeten, op cofinanzéiert oder net, op grouss oder kleng, sozio-édukativ Projeten. Et ass eis drëms gaangen, de Kanner hiert Wëssen ze verdéiwen a si ze motivéieren hir Schoulausbildung net opzeginn. All Kéier sinn d'Eltere mat an de Projet intégréiert ginn, fir hir Kanner ze begleeden an ze encouragéieren. A well mir vun Ufank u grousse Wäert op d'Familljе vun de Kanner geluecht hunn, huet sech dono automatesch erginn déi eeler Leit mat an d'Boot ze huelen.




Am Prinzip gëllt beim Staat allgemeng d'Reegel, dass e cofinanzéierte Projet no 15 Joer autonom vum Partner ka weidergefouert ginn. D'Durabilitéit ass wuel mat dat wichtegst Element am Kader vum cofinanzéierte Projet, mee mat Sécherheet och eent vun de schwieregsten an der Emsëtzung. Am Laf vun der Realisatioun vun de Projete sinn Erfarunge gesammelt ginn, Upassunge gemaach ginn an interessant Jaloe gesat ginn, déi d'Projete virubréngen an eng Durabilitéit méiglech maachen. Als kleng ONG bedaueren d'AMIS de PIRAJÁ, dass et hinnen de Moment net méi méiglech ass u cofinanzéiert Projeten ze denken, dëst altersbedéngt a virun allem awer well et immens schwéier ass Leit ze fannen, déi bereed si sech fest z'engagéieren a Verantwortung ze iwwerhuelen.

Well mir eis awer bewosst sinn, dass eis cofinanzéiert Projeten an der Zwëschenzäit e feste Bestanddeel vum Educatiouns-Wiesen wéi och vum gesellschaftleche Liewe vu Simões Filho gi sinn, si mir eis, zesumme mat eisem Partner, eens gi fir déi 3 Projeten aus eegene Mëttelen, ënnert aneren an ugepasste Bedingungen, weiderlafen ze loossen.





Et ass Ufank 2020 mam Projet « Education infantile » ugaangen, haut ënnert dem Titel « Du temps pour jouer et apprendre ». Ab Januar 2022 ass de Projet vun den eelere Leit « Renouer le contact au troisième âge » derbei komm an am Juli 2022 war den Tour um Projet « Education complémentaire » mam neie Numm « Construire demain ».

Ufanks des Joers kommen aus Simões Filho, op eis Ufro hin, déi jeeweileg Budgete mat den néidege Beschreiwunge vun de Projeten op Grond vun deene mir kucke wéi wäit mir déi da finanziell ënnerstëtze kënnen.

Eis Partner versichen hirersäits lokal Partner mat anzeschalten a gi net midd sech anzesetze fir méi e groussen Appui vun der Gemeng ze kréien. Béidsäiteg si mir eis allerdéngs bewosst, dass et net einfach ass.


Och mir sinn, zënter 2016, ni midd ginn dem Buergermeeschter ze widderhuelen et wär endlech un der Zäit de Ganzdags-Unterrecht, dee vum Federalstaat fir 2016 annoncéiert gi war, anzeféieren. Bis zurzäit ass dat, zu eisem grousse Bedaueren, zu Simões Filho nach ëmmer net geschitt.

Fest steet, dass sou wéi mir an Zukunft mat eisem Partner vu Simões Filho gewëllt sinn weiderzeschaffen, dat nëmme méiglech ass, wa mir och weiderhin op d'Verständnis, d'Solidaritéit an d'Generositéit vun eise Donateuren an anere Wohltäter kënnen zielen.

*Andrée MAQUIL*

**Ons 2 socio-edukativ Projeten zu Simões Filho**

An der Eucalipto Schoul ënnerstëtze mir 2 Projete fir 230 Kanner, ee fir Kanner am Spillschoulsalter (3-5 Joer) an ee fir Kanner am Primärschoulsalter (6-9 Joer). D'Equipe technique vun der Association des Œuvres Sociales vun der Par San Miguel iwwerwaachen déi Projeten a maachen ons regelmässeg Rapport.



Kanner a Brasilien ginn nëmme 4 Stonnen am Dag an d'Schoul an an den Aarmevéierele verbréngen se de Rescht vum Dag op der Strooss. D'Kriminalitéit an den Drogentrafik sinn immens grouss do a fir si aus deene Geforen erauszehuelen, kommen si, duerch déi Projeten, vu Méindes bis Freides dee ganzen Dag an d'Schoul an huelen u verschiddenen Ateliersen deel. Si kréien och an der Schoul z'iessen an hir Famillje gi mat an d'Projeten agebonnen, sou datt si wësse wat hir Kanner do léieren. D' Assistante sociale geet och an d'Famillje kucken ob et keng Problemer gëtt.

D'Atelierse wéi : Danz, Capoeira, Théâter, Bastelen, Portugiesesch, Mathematik, Informatik a Werter sinn ëmmer dem Alter vun de Kanner ugepasst.

Hei ee puer Erklärunge wat d'Atelierse bei de Kanner solle bewierken :

**Bastel – Atelier**

D'Kanner gi geléiert wéi wichteg et ass op hir Ëmwelt ze uechten an datt si hëllefe sollen onse Planet duerch hiert Verhalen ze schützen.

Si bastele mat recycléiertem Material, sou datt si gesinn, datt een den Offall sënnere soll fir en ze transforméieren an dann eppes Neies draus entstoenzeloossen.

**Informatik - Atelier**



D'Kanner ginn op eng spillerech awer och kreativ Manéier un déi nei Technologien erugefouert. Si sollen hiert Wëssen doduerch erweideren a si solle méi iwwerluecht, autonom a competent geléiert gi schaffen.

**Théâter – Atelier**

Théâter spille bréngt mat sech, datt Kierper a Geescht gefuerdert ginn - Expressioun mat Gestik a Verhalt vum Text. Et soll si och léieren opzetrieden - hir Schei ze iwwerwannen - a sech auszedrécken - hire verbalen Ausdrock domadden ze verbesseren. Théâter spillen hëlleft hinnen och hir Gefiller an Emotiounen ze liewen, wat sech positiv op hiert Wiesen auswierkt.

**Danz a Capoeira – Atelier**



Beim *Danzen* am allgemengen, si Bewegung a Rythmus wichteg, awer och Créativitéit an Diziplin. Den Danz soll d'Kanner léieren hiren Equiliber ze developpéieren, hire Verhalt ze trainéieren an hir Motorik ze coordinéieren.

Upaken, héieren, gesinn, wëssen a fillen - dëst sinn alles wichteg Aspekter beim danzen.

De *Capoeira – Danz* huet nach eng besonnesch Symbolik well et ass den Danz vun den Afro-brasilianer an ee feste Bestanddeel vum Programm an der Schoul.

Bei dësem Danz si vill Musiksinstrumenter am Asaz, sou datt déi Kläng hinnen een anert Emfanne gi wéi wa si géifen eppes schreiwen oder liesen. Ausser dem Danz u sech, geet et hei ëm hir kulturell an historesch Wuerzelen.

**Portugiesesch a Mathematik – Atelier** An dësem Atelier ginn d'Fächer Portugiesesch a Mathematik - ëmmer dem Alter ugepasst - widderholl fir d'Kanner ze motivéieren hire Studium net opzeginn.

*Edith WILMES-GILBERTZ*

**<u>Extrait du compte-rendu de l'assemblée générale des Amis de Pirajá, tenue le 27 mars 2023</u>**

Le rapport financier en EUR, se présente comme suit :

| | |
|---|---|
| **Revenus** | |
| Vente de marchandises | 9.874,50 |
| Cotisations des membres | 575,00 |
| Dons | 38.421,79 |
| Collectes | 1.625,00 |
| Subventions gouvernementales et autres | 7.100,00 |
| Intérêts perçus/ remboursement assurance | 187,59 |
| | **57.783,88** |
| **Dépenses** | |
| Achat de marchandises | 2.408,66 |
| Matériel de bureau | 465,70 |
| | **2.874,36** |
| Projets cofinancés par l'Etat | |
| Personnes âgées/ Education complémentaire | **3.575,64** |
| Projets Amis de Pirajá | |
| Education petite enfance | 2.000,00 |
| Education complémentaire | 9.500,00 |
| Projet personnes âgées | 12.500,00 |
| Chèques mensuels | 9.000,00 |
| Action « Missiounsdag » | 4.500,00 |
| | **37.500,00** |
| Frais de compte | 340,74 |
| Frais administratifs | 3.975,41 |
| Frais 50e anniversaire | 5.686,50 |
| | **10.002,65** |
| **Total dépenses** | **53.952,65** |
| **Profit de la période :** | **3.831,23** |

Le rapport des vérificateurs de comptes a été approuvé à l'unanimité.
Le budget 2023, approuvé par l'assemblée générale, prévoit des dépenses de 95.184,89 €, financées par des dons et cotisations (30.600 €), par des recettes du « Missiounsdag 2023 » (8.000 €) ainsi que par des subventions de 6.000 €. L'excédent de dépenses de 50.584,98 € est couvert par les réserves financières de l'ONG « Les Amis de Pirajá ».

payconiq

*Marie-Paul MEHLEN-TOSSENG*

Les Amis de Pirajá,
5, rue St Gengoul L-1622 Luxembourg
Tel : +352 44 18 74 http:// www.amisdepiraja.org
Mail-adresse :info@amisdepiraja.org
CCPLULL : LU65 1111 0001 5053 0000